adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Am Fussball, wéi och an anere Sportaarte muss all Aktiven eng Lizenz hunn. Fir dës ze kréien, muss de Sportler d'medezinesch-sportlech Kontroll (contrôle médico-sportif) maachen, an zwar net nëmme fir déi éischt Lizenz, mee och, wann dës ofgelaf ass oder wann hie bei engem neie Veräin eng Lizenz hëlt. Duerch d'Restriktiounen an der Corona-Epidemie sinn awer d'Medico-Zentren, wou dës Kontroll gemaach gëtt, eréischt vu nächster Woch un op. Duerfir hunn ech dës Froen un den Här Sportminister:

1. De Sportskalenner ass duerch Corona duerchernee geréselt an d'regulär Saison am Fussball fänkt beispillsweis den 23. August un. Wéi ass séchergestallt, datt all Spiller, deen eng nei Lizenz an also eng sportmedezinesch Kontroll brauch, dës och ka kréien?
2. Stellt d'Problematik sech bei anere Federatiounen ähnlech duer?
3. Hunn d'Medicoen d'Kapassitéit fir d'Demanden vun de Veräiner an alle concernéierte Sportaarten esou ze behandelen, datt kee Veräin a kee Sportler e Schued kritt, well si e Sportler net asetze kënnen oder net spillberechtegt sinn?
4. Wann nee, gëtt et eventuell eng Noutléisung, fir op mannst Spiller, déi mam Sport hir Sue verdéngen, esou séier ze kontrolléieren, datt si fir de Saisonoptakt spillberechtegt sinn?
5. Ass den Här Minister am Kontakt mat de Federatiounen, fir dësen ze suggeréieren, d'Spillberechtegung méi flexibel ze handhaben, bis d'medico-sportlech Zentren d'Kontrolle konnten duerchféieren?
6. Firwat däerfen net all Dokteren déi Kontroll maachen? Wéi begrënnt Dir d'Monopolstellung vun de „Centres médico-sportifs"?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742